

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis ;

M. Roy Reding.

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 7. 7882A – Projet de loi portant introduction de dispositions spécifiques pour le traitement de données personnelles dans l'application « JU-CHA »

**7691 – Projet de loi portant modification 1<sup>o</sup> du Code de procédure pénale ;**

**2<sup>o</sup> du Nouveau Code de procédure civile ;**

**3<sup>o</sup> de la loi modifiée du 7 juillet 1971 portant en matière répressive et administrative, institution d'experts, de traducteurs et d'interprètes assermentés et complétant les dispositions légales relatives à l'assermentation des experts, traducteurs et interprètes ;**

**4<sup>o</sup> de la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat ;**

**5<sup>o</sup> de la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives ;**

**6<sup>o</sup> de la loi du 30 décembre 1981 portant indemnisation en cas de détention préventive inopérante ;**

**7<sup>o</sup> de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse ;**

**8<sup>o</sup> de la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice ;**

**9<sup>o</sup> de la loi du 31 janvier 1998 portant agrément des services d'adoption et définition des obligations leur incombant ;**

**10<sup>o</sup> de la loi du 12 novembre 2002 relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance**

Dee leschte Punkt um Ordre du jour vum dëser Sitzung ass de Projet de loi 7882A iwwert d'Behandlung vu perséinlechen Donnéeën, déi duerch d'Applikatioun JU-CHA konnektéiert ginn, an de Projet de loi 7691 iwwert déi verschidde Prozedure betreffend d'Kontroll vum der Éierbarkeet, déi zesummen an enger Diskussioun behandelt ginn. D'gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen zwee Projet-de-loien, den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Justice sur le projet de loi 7882A

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wëll elo net emotional ginn, mee ech gi bei dësem Projet quasi fënnel Joer méi jonk an erënnere mech elo mat Schmunzelen un „heroesch“ Ausenanersetzungen an der Justizkommissioun, wou et gutt war, dass ech a mengem fréiere Beruffsliewe vill Erfahrung mat Gruppendynamik kritt hat.

(Hilarité)

Mir schwätzen nämlech iwwert de Gesetzesprojekt vum JU-CHA, deem seng Originellen ënner anerem op déi sougenannt „Fichiersaffär“ zrëckgeet.

Erlaabt mer just nach eng perséinlech Remark: 2018 ass dat Joer, wou de famosen RGPD a Kraaft getratt ass. An ech war quasi zwee Joer domat virdru berufflech geplot, fir dass all Prozesser matzäit RGPD-konform a mengem Betrib wieren, well, Dir wësst et, an deem Betrib all Dag eng Abberzuel vun Date verschafft ginn, wou mer den Traitement hu misse konform setze mat den neie Virgaben aus dem RGPDs-Gesetz, dat am August 2018 mat der aktueller Ministesch als Rapportrice gestëmmt ginn ass hei. Ech hunn du misse feststellen, dass, wat an der Privatwirtschaft realiséiert war, beim Staat nach net esou de Fall war, a bei munneche Verwaltungen de Chantier nach guer net ugefaangen hat.

No villen Diskussiounen mat den Acteuren aus der Justiz, der Polizei, der CNPD an anereren Autorités de surveillance, Gespräicher an Echangingen, déi am Laf vun de Kommissiounssitzungen – et waren och eng Rei Jointen derbäi mat der Sécurité intérieure – ëmmer méi konstruktiv gi sinn. Et ass zum zum Projet de loi 7882 komm, deen d'Justizministesch Sam Tanson den 10. September dunn deposéiert huet.

Ech befaasse mech haut mam Gesetzesprojekt zum JU-CHA an ech maachen dozou de Rapport. Wéi et dozou komm ass, kënne Journalisten, Studenten an Historiker aus hirem Bléckwénkel eng Kéier opschaffen. Et war am Cercel, de 15. September 2021, wéi an enger Commission jointe d'Justizministesch an de Minister vun der Sécurité intérieure de Gesetzesprojekt virgestallt hunn, an an där Sitzung ass och de Rapport bestëmmt ginn.

De Staatsrot huet säin Avis den 22. Juli 2022 ginn. Den 11. Januar 2023 hu mer deen Avis an der Kommissioun analyséiert, viru méi wéi sechs Méint, vun haut aus gekuckt, a mir hunn eis – ech wëll et ënnersträichen – déi néideg Zäit gelooss fir Froen an Diskussiounen an hunn Amendements parlementaires ugeholl. Wéi gesot, dat war viru sechs Méint.

De Staatsrot huet en Avis complémentaire den 13. Juni formuléiert. Fir keng Zäit ze verléieren an dëse wichtege Gesetzesprojekt op e gutt Enn ze bréngen, huet d'Regierung nach Amendements gouvernementaux den 20. Juni gemaach.

Doropshin huet de Staatsrot en zweeten Avis complémentaire formuléiert, de 27. Juni. Den Dag drop – mir hunn näischt ubrenne gelooss – huet d'Justizkommissioun deen an d'Regierungsamendementen analyséiert an eng Spléckung an zwee Projeten, A a B, decidéiert: 7882A zum JU-CHA, 7882B zum Code de procédure pénale.

Den 11. Juli huet de Staatsrot Gréng Luucht ginn an den 12. hu mer dat an der Kommissioun esou aktéiert. De Rapport hu mer dann och de 14. Juli ugeholl.

Mir kruten nieft de véier Avisa vum Staatsrot nach zéng Avisen, meeschtens Avis-complémentaires och nach, vun der Cour supérieure, vum Parquet général, deem vun Dikrech an deem aus der Stad, dem Bezirksgericht aus der Stad, vun der CNPD an och eemol vum Conseil de presse. Merci un all d'Auteurs fir déi nützlich Avisen.

Ëm wat geet et? Ma et geet drëms, d'Behandlung, den Traitement vu persounbezunnenen Daten, déi Justizautoritéiten hunn, ze encadréieren an der Applikatioun, déi den Numm „JU-CHA“ elo kritt. Et geet hei drëms, e Suivi vun engem Dossier ze erméigleche vum éischten Acte de procédure u bis zur Exekutioun vun de Gerichtsdecisiounen, an dat am Respekt vum nationalen, europäeschen an internationale Rechtskader.

Laut RGPD, eise Gesetz vum 01. August 2018, dierfe just Daten zu Persounen gesammelt ginn, wann

d'Finalitéit kloer determinéiert ass, se explizitt a legitim ass. D'Applikatioun JU-CHA ënnerläit – ganz kloer soen ech et hei – dem RGPD-Gesetz. Ech ënnerschräichen dat wierklech! De Gesetzesprojekt preziséiert deemno d'Finalitéiten, déi et erlaben, Donnéeën ze sammelen, wéi a wéi laang se gespäichert dierfe ginn. All betraffe Persoun kann deemno tracéieren, wéi a wisou hir Donnéeën vun de Justizautoritéiten behandelt gi sinn.

An hirem Avis zur Applikatioun JU-CHA huet d'Autorité de contrôle judiciaire kloer rappéléiert, dass déi Traitementen, déi vun de Justizautoritéiten en matière pénale gemaach ginn, dass déi à la base, wéi gesot, eng Ingerance, en Amëschen an d'Privatsphäre sinn, also an d'Recht op de Respekt vum Privatlewen an op de Schutz vun de privaten Donnéeën.

D'ACJ, d'Autorité de contrôle judiciaire, seet dann och gläichzäiteg, dass déi aktuell strafrechtlech Dispositionen, besonnesch de Code pénal an de Code de procédure pénale, schonn eng gesetzlech Basis sinn, déi duergeet, fir d'Sammelen an d'Behandlung vu perséinlechen Date fir d'Exekutioun ze erméigleche vun den essentielle Missiounen vum Ministère public an de Justizjurisdictionen.

Ech sot schonns, dass et virum Depot vum Gesetzesprojekt munnech Echangé gouf – ëffentlecher an institutioneller –, iwwert den Émgang mat dëse Persounendaten op där enger Säit duerch d'Polizei an op där anerer Säit duerch d'Justizautoritéiten. Déi Diskussiounen haten als Konsequenz, dass d'Regierung decidéiert huet, d'Konditiounen an d'Modalitéiten vum Émgang mat dësen Daten ze preziséieren, fir dass se konform si mat eiser Verfassung, fir dass se konform mat der europäescher Mënscherechtskonventioun a konform mat der Charta vun de Grundrechten vun der EU wieren.

An deem Gesetzesprojekt gëtt also engersäits d'Noutwendegkeet conciliéiert, dass d'Justizautoritéiten déi Mëttele kréien, déi se brauchen, fir de bon Fonctionnement vun der Justiz ze erméiglechen, an anerersäits poche mer op d'Recht, de Schutz vum Privatlewen an dat vun de perséinlechen Donnéeën. Et ass net méi an net manner déi Balance, déi mer mat dësem Gesetzesprojekt maachen.

Mer maachen och e puer Modifikatiounen am Code de procédure pénale, wat den Datenaustausch betrëfft en matière pénale, fir eng eendeitig Base légale ze schafen, fir dass de Ministère public ka kommunizéieren iwwer Verurteelungen mat all deenen Instanzen, déi d'Urteiler mussen ausféieren.

An zum Schluss schafe mer och d'Méiglechkeet, dass de Ministère public ka Personnes de droit public oder privé informéieren, wann e Risiko besteet vun enger Infraktioun duerch ee vun hire Subordonnéen, also e Risiko besteet.

Ech gräifen dann elo e puer vun de wichtege Dispositionen aus dem Gesetz eraus. De JU-CHA ass hebergéiert beim CTIE. De JU-CHA huet follgend Modüllen: Casier judiciaire, Dossiers répressifs, Dossiers jeunesse, Entraide pénale internationale, Exécution des peines, Dossiere vum SCAS. Fir all Modüllen ass en Artikel am Gesetz, wat fir eng Dossier dra stinn a wien den Accès d'office huet respektiv den Accès ka kréien. Dossier „contrôle d'accès“: Do sinn d'Logfilen dran, d'Journalisatioun, fir ze gesinn, wéini a firwat ee gekuckt huet. Déi gi fënnel Joer conservéiert.

Et ass de Procureur général d'État, deen nom Gesetz vum RGPD responsabel fir den Traitement vun der Applikatioun JU-CHA ass. Den Accès intégral oder partiel fënnst ënnert senger Autoritéit statt. All Accès ass begrenzt a revoquabel. Am Reegelfall ass d'Durée de conservation fënnel Joer. Déi Begrenzung kann awer opgehuewe gi vum Procureur général, wann

de Justizautoritéiten nei Elementer fir an den Dossier virleien.

Den Artikel 11 seet am Detail, wéi eng Persounendaten an den Dossiere kënnen sinn. Fir Iech eng Virstellung vum Detail ze ginn, hunn ech hei e puer Extraiten: d'„civilité, les noms de naissance, les noms d'usage, les prénoms, les alias, les pseudonymes utilisés, les noms et prénoms des parents, le sexe, la date de naissance et de décès, la commune de naissance [...]“, dadadam, „les résidences habituelles ou les dernières adresses connues, les numéros de téléphone et les données y afférentes, les comptes bancaires, [...] les pages web“, an esou weider, „le numéro et la date d'ouverture de la notice relative à l'infraction pénale, ainsi que les noms et prénoms des magistrats en charge de la notice et tout autre renseignement ayant trait aux devoirs exécutés dans le dossier“.

Mir kënnen och, wann et ëm Mineure geet, folgend Informatiounen nach dra fannen: d'„situation familiale, sociale, scolaire, professionnelle et médicale des parents, des tuteurs, des administrateurs ad hoc ou d'autres personnes qui ont la garde, des personnes dignes de confiance, le nombre d'enfants de ces dernières, le nombre de frères et sœurs ainsi que leur rang dans la fratrie“.

Mir kënnen och Image-facialen ofspäicheren. „Dans le cas d'une personne morale, les informations et données à caractère personnel peuvent contenir les données suivantes : la dénomination sociale et, le cas échéant, la dénomination commerciale“, wann déi verschidden ass, an esou weider, „adresse du siège social, et les adresses d'exploitation“.

Dir gesitt, dass mer elo eng gesetzlech Basis kréien, fir d'Dossieren aus der Justiz esou ze organiséieren, dass se RGPD-konform ass, dass déi sensibil Informatiounen, wouvun ech elo eng Rei opgezielt hunn, korrekt gespäichert ginn, dass d'Verantwortung gekläert ass, wien Accès huet, dass tracéiert gëtt, wie wéini en Dossier a mat wéi engem Motiv consultéiert huet. D'Schafe vun dëser Base légale war néideg an ech si wierklech frou, dass mer déi elo haut kréien.

Zum 7882A, dem Projet JU-CHA, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

Wann ech dat elo richteg verstanen hunn an der Organisatioun, Här President, fueren ech mat dem Rapport weider iwwert d'Honorabilité.

**M. Fernand Etgen, Président | Absolutt.**

**Rapport de la Commission de la Justice sur le projet de loi 7691**

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Merci. De Gesetzesprojet 7691 iwwert de Contrôle d'honorabilité ass, wéi gesot, ze gesinn am Kontext vum Gesetzesprojet iwwert de JU-CHA. Mer bréngen an een eenzege Gesetzestext a vereenheetlechen d'Prozeduren, wéi d'Honorabilitéit ze préiwen an ze accordéieren ass. Dat schafft Kohärenz a Kloeerheet. Och dëse Projet gëtt vu villen Acteuren hei am Land erwaart – an deem Sënn och gutt, dass mer en haut stëmmen!

D'Justizministesch Sam Tanson huet de Projet den 2. November 2020 deposéiert. Den 11. November gouf en an der Kommissioun virgestallt an ech gouf zum Rapporteur ernannt. De Staatsrot huet säin Avis de 26. Oktober 2021 ginn. Den 20. Abrëll 2023 (veuillez lire: den 20. Abrëll 2022) hu mer den Avis an der Kommissioun analyséiert an du konnt mer eng Serie Amendementer unhuelen.

Den Avis complémentaire vum Staatsrot war de 26. Mee do. Mir hunn den 21. Juni nach eng Serie Amendementer ugeholl, fir deem Avis gerecht ze ginn. De

Staatsrot huet den zweeten Avis complémentaire den 11. Juli ugeholl. Den 12. hu mer an der Kommissioun festgestallt, dass mer Gréng Luucht kritt hunn, an de Rapport hu mer dunnen an der Justizkommissioun de 17. Juli ugeholl.

Mir kruten nieft den 3. Avis vum Staatsrot nach 14. Avisen, eng Rei dovun Avis-complémentaire: d'Chambre des Notaires, d'Chambre vum den Dierwichter, d'CNPD, d'Autorité de contrôle judiciaire, d'Cour supérieure, d'Bezirksgericht vum Dikrech, d'Friddensgericht vum Dikrech, de Parquet général an deen aus der Stad. Wéi gesot, all deenen, déi Avis geschriwwen hunn, merci fir hir Inhalter an och fir hir Reaktivitéit an dësem Dossier.

Den Historique vum Gesetzesprojet weist schonn e bëssen d'Komplexitéit vum Sujet aus. Dëse Gesetzesprojet prezisiéiert nämlech déi verschidde Prozeduren vum der Kontroll vum der Honorabilitéit, déi de Justizministère a verschiddenen Dossieren, déi ënner seng Kompetenz falen, muss ausféieren an déi aktuell nach a verschidde Gesetzer stinn.

Well et hei ëm perséinlech Date vum de Leit geet, ass et wichteg, datt déi Kontroll vum der Honorabilitéit vum Gesetz encadréiert ass, fir datt jiddweree ganz genau weess, wéi eng Donnéeën een dierf am Kader vu wéi enger Kontrollprozedur froen.

Wat elo déi Donnéeën méi konkret betrëfft, kann et do zum Beispill ëm Piëcen oder Informatiounen goen, déi d'Justiz oder d'Police traitéieren an déi deemno wéi och ënnert de Secret d'Instruction falen.

Et ass awer wichteg, dass de Justizministère déi Informatiounen huet, fir verschidden Ufroen ze traitéieren, wéi zum Beispill déi, fir e Waffeschäin ze kréien, well den Hauptbut vum esou engem Contrôle ass, Infraktiounen ze verhënnern a potenziell Unzeeche fir eng kriminell Tendenz bei engem Demandeur ze identifiziéieren, also a priori.

Dëse Projet de loi huet also d'Zil, den Uspréch vum nationalen an europäeschen Droit a Saachen Date-schutz gerecht ze ginn, andeems d'Finalitéit vum Traitement vum den Donnéeën duerch de Justizministère am Kader vum deene verschidde Prozeduren prezisiéiert gëtt, d'Consultatioun op essentiell an noutwendeg Donnéeën limitéiert ass, datt heescht, d'Proportionalitéit garantéiert muss sinn an hir Durée de conservation op e Minimum muss reduzéiert ginn.

Des Weidere sollen déi verschidde Prozeduren transparent a previsibel si fir de Bierger, bei deem esou e Contrôle duerchgefëiert gëtt. Als Beispill – ech kommen zum Schluss, Här President –, kann een eng Demande, d'Autorisatioun, de Permis oder den Agreement fir eng Waff ernimmen. Grad an deem Kader weisen eis jo tragesch Evenementer aus Länner, wou keen esou e Contrôle duerchgefëiert gëtt beim Kaf vum enger Waff, wéi wichteg datt dat ass, fir datt d'Waffen net an déi falsch Hänn geroden.

Nach e Beispill vum enger Matière, bei där d'Honorabilitéit vum Demandeur muss kontrolléiert ginn, dat sinn déi Persounen, déi wellen Notaire ginn, dat heescht, en Officier public mat enger ganz grousser a laangzäiteger Responsabilitéit. Duerfir muss och de Contrôle vum den Antecedente gemaach ginn, fir ze garantéieren, dass si iwwert déi néideg Integritéit, dat heescht Honorabilitéit verfügen, fir hir Missiounen korrekt auszuféieren.

Bon, esou wäit zum Inhalt iwwert dëse Gesetzesprojet iwwert d'Honorabilitéit, wou ech och den Accord vun der grénger Fraktioun ginn. Merci fir d'Nolauschtere fir elo.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue.

An als éischte Riedner ass den honorablen Här Gilles Roth ageschriwwen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar (CSV) | Très bien!**

(Hilarité)

**Discussion générale**

**M. Gilles Roth (CSV) |** Et ass vläicht fir d'lescht.

**M. Fernand Etgen, Président |** Den Här Mosar hätt scho gär, datt Dir Iech sollt sëtze goen.

(Hilarité)

**M. Gilles Roth (CSV) |** Et ass vläicht fir d'lescht.

Sou. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Minister, fir d'éischt dem Rapporteur e Merci fir déi zwee Rapporten, déi en am Numm vum der Justizkommissioun gemaach huet.

D'CSV ass fir de gliesene Staat, mee si ass net fir de gliesene Bierger. Eis Chamber stëmmt haut iwwert dat faméist JU-CHA-Gesetz of, dat eigentlech sollt den Émgang mat de perséinlechen Date bei der Justiz reegelen.

Et war, an dat wësst Der alleguerten, e wäite Wee bis dohinner. A bei engem wäite Wee sinn ëmmer déi éischt Schrëtt wuel déi wichtegst. An dësem Fall, an dat soen ech da fir eng Kéier ouni Schimmt, goufen dës Schrëtt gemaach vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Laurent Mosar, a mir selwer.

**M. Laurent Mosar (CSV) | Très bien!**

**M. Gilles Roth (CSV) |** Well zanter 2019, also zanter ronn véier Joer, hu mir eis géint d'Fichieren, hu mir eis géint d'Grozonen, hu mir eis géint e geheime Casier beim Staat gewiert, an an dësem Fall souguer bei der Justiz.

De Steen an d'Rullen huet eigentlech eng ganz banal Affär bruecht, wou e Jurist sollt bei der Justiz eng Attachéplaz kréien. Hien hat zwar e viergë Casier, mee hat dann awer fir d'Autoritéiten net déi néideg Honorabilitéit fir dee Posten, well hien angeblech zu Stroossbuerg als Student ze schnell mam Auto ënnerwee war.

Den Här Mosar an ech wollten deemools Opklärung, wéi d'Justizautoritéiten eigentlech un esou Informatiounen konntten iwwerhaupt kommen an och nach an dësem Fall géint dee betraffene Bierger zu sengem Noedel verwenden.

Et war e bëssen, wéi wa mer an e Beienascht gestach hätten, well d'Diskussiounen an der Chamberskommissioun an och hei an der Pleniëre am Juli an am Summer 2019, déi ware méi wéi houleux. Et ass souguer esou wäit komm, dass d'ganz Opposition wéinst der Onasiichtgeket – an ech widderhuele wierklech: wéinst der Onasiichtgeket – vum deemolege gréngen Minister an och dem deemolege gréngen Policeminister den 9. Juli de Plenarsall hei huet misse verlossen. Eigentlech e Jamais-vu. Et sollt een an et wollt ee ganz einfach all Diskussiounen am Kär erstécken.

Den Här Mosar an ech selwer hunn deemools gesot: „Mir ginn eis net, bis mer eng Äntwert op all eis Froen hunn!“ A mir hunn eis och net ginn. Mir hunn am Summer 2019 bannent manner wéi zwee Méint an der Vakanz eng ronn 50 – ech widderhuelen: eng ronn 50! – parlamentaresch Froen dozou misse stellen! An d'Informatiounen, déi koumen nëmme ganz spärlech. Et war jo eng reegelrecht Salamtaktik.

Et goung esouguer esou wäit, dass d'Justizautoritéite sech offiziell – ech widderhuelen: sech offiziell! – beim Chamberpresident iwwert d'Virgoensweis vun

den Deputierte Roth a Mosar beschwärtet hunn. Et gouf carrement vun der Justiz, vun dem President vun der Cour supérieure de justice an der Procureure générale, deemools an engem gemeinsame Bréif un de Chamberspräsident d'Opportunité vu Question-parlementairen a Fro gestallt.

Dat ass eigentlech en eemolege Virgang an enger Demokratie, deen net nëmme der Opposition, well ech soen, mee och eminente Vertrieeder vun der Majoritéit deemools sauer opgestouss war. Ech erspueren Iech – se sinn eis bekannt – eenzel Detailler, mee dës war alles aneschters wéi an engem Rechtsstaat, mee éischter, et je pèse mes mots, wéi an enger Bananrepublik.

Et ass en eminenten Affekt, deen huet deemools en offene Lieserbréif geschriwwen, an deem en op dee gemeinsame Bréif och agaangen ass, ech widderhuelen, Justice assise a Justice debout gemeinsam. An de Gaston Vogel huet sengerzäit geschriwwen: „Sous ce seul point de vue, la lettre de solidarité signée par le président de la Cour et par le procureur général qui circule dans les médias, n'est rien d'autre qu'une absurdité, voire l'aveu involontaire d'un esprit de corps justifiant concertation voire collaboration. C'était un lapsus d'une gravité exceptionnelle car il soulève de graves questions d'indépendance.“

Mee mir hunn eis net aschüchtere gelooss, och well mer woussten, dass kuerz virdrun en Deputierten och vun der Opposition, nämlech de Gast Gibéryen, eng Affaire pénale gemaach krut, well en dem Parquet anscheinend net eng Violation vun dem Secret professionnel vun eenzelne SREL-Agenten matgedeelt huet. Dat heescht, e krut eng Affaire pénale gemaach, well en dat net den Autoritéiten denoncéiert huet. En ass selbstverständlech fräigesprach ginn.

Mir hunn eis och net aschüchtere gelooss vun Aussoe vun eenzelne Vertrieeder vun der Generalstaatsanwaltschaft – dat kënnt Der an der Press noliessen –, déi gesot hunn, ech widderhuelen, den Droit à l'oubli, also d'Recht op Vergiessen, géif dem Täter an d'Kaarte spillen. Vertrieeder vun der Generalstaatsanwaltschaft!

Ech muss Iech soen, dass ech mir heiansdo privat Froe gestallt hunn, an ech net eleng, iwwer Behauptungen vun eenzelnen Autoritéiten an der Chamberskommission – et sinn eng ganz Rei vu Leit, déi hei waren, an et si Procès-verbalen dovunner gemaach ginn –, déi sech carrement duerno als faktesch falsch erweisen hunn. Schwaarz op wäiss kënnt Der dat noliessen. An ech hat des Éfteren och d'Impressioun, mir wieren eigentlech wéi an der Iechternacher Sprangpressessioun, well wa mer erëm mat e bëssen Asiicht dräi Schrëtt no vir waren, da ware mer an der Sitzung duerno erëm zwee Schrëtt hannendran.

Mir hunn deemools ëmmer nees widderholl: „Mir liewen an engem Rechtsstaat a mir liewen net an engem Verdachtsstaat.“ All Bierger ass hei am Staat virum Gesetz gläich an och ëmmer prinzipiell onschëlleg, bis seng Schold da bewisen ass.

An Dir Damm an Dir Hären, entweeder huet een eng gesticht an ass duerf rechtskräfteg verurteelt vun der Justiz oder et ass een dat net, an dann huet een en eidele Casier. An da kann et net e geheime Fichiere ginn, kee „Casier bis“, keng stroferechtlich Datebank ginn, wou et heescht: „Jo, dee Mann oder déi Fra ass zwar net verurteelt, mee opgepasst, et ass awer eng louchte Persoun.“ An dofir hu mir deemools och kloer gesot: „Mir brauchen eng Ennerscheidung am Fichier tëschent Condamnatioun an Netcondamnatioun. A mir brauchen och e kloeren Ennerscheid tëschent Leit, déi Accès hunn, a Leit, déi keen Accès zu

Fichieren hunn, an och fir wat fir eng Zwecker si deen Accès hunn.“

Mir brauchen och e Journal, wou ee kann nokucken, wien zu wéi engen Zwecker zu wéi engem Zäitpunkt wien seng Donnéeën an deem Fichier gekuckt huet. A mir haten och deemools kloer derfir plädéiert, dass de Mëssbrauch vun esou sensibelen Date muss och ënner Strof gestallt ginn. Iwwregens huet eis de Minister Bausch deemools ëmmer dofir Recht ginn.

Well grad an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg ass et zentral, dass déi Reegelen do kloer fir jiddweree sinn. A wann eng Affär verjährt oder klasséiert ass oder wann ee fräigesprach gouf wéinst engem Non-lieu, dann dierfen och net endlos Tracen an engem Fichier bleiwen.

Här President, enger ganzer Rei vu Fuerderungen, déi mer als CSV gestallt haten, ass no laangem Hin an Hier, de Rapport huet virdru gesot, no bal véier Joer, dach schlussendlech Rechnung gedroe ginn. Et koum fir d'éischt emol zu engem Gesetz.

Zweetens, d'Finalitéit vun der Datenerhiewung ass och festgeluecht ginn. Si hätt an eisen Ae missen eventuell nach méi prezis sinn – déi selwecht Kritik huet och d'national Dateschutzkommission gemaach –, mee besser eng Finalitéit am Gesetz wéi guer keng (veuillez lire: mee besser eng onprezis Finalitéit am Gesetz wéi guer keng).

Drëtens, et gëtt och festgeschriwwen, wéi eng Datebanken oder Modulën, wéi de Rapport er an genannt huet, zu wat fir engen Zwecker kënnen bei der Justiz gebraucht ginn. An dat ass ganz kloer festgeluecht an dem Artikel 3, nämlech et kënnen Date gespäichert gi fir de Casier, fir Dossier-repressiffen, fir Dossiers jeunesse, also Jugendschutz, fir Affaires d'entraide internationale, Dossiere vun Exécution des peines, Dossiere vum SCAS an Dossieren iwwert de Contrôle d'accès.

Et ass och festgeluecht, wien ausser dem Procureur général soss nach Zougang zu esou Datebanken huet. Eng Diskussioun gouf et iwwert de Service de presse bei der Justiz. An do ass et besonnesch an engem klengen Land extreem sensibel, dass gutt ofgewie gëtt zwëschen engersäits dem Recht op Informatioun vun der Effentlechkeet – jo, dat muss et ginn –, awer anerersäits gëtt et och e Recht op eng Onscholdsvermuddung an e Recht op eng Privatsphär vun där betreffender Persoun. Och dat ass elo am Gesetz, mengen ech, gutt gereegelt.

Et gouf och festgeluecht, wéi laang dass d'Date kënnen conservéiert ginn, dat heescht, wann en Urteel kënnt, wéi laang dass dann déi Date kënnen an der Datebank festgehalen ginn. Dat ass zwee Joer bei enger Contravention, also bei enger liichter Strofdot, fënnf Joer bei engem Delikt an zéng Joer bei engem Crime.

Dat ass, jo, laang. Mee anerersäits gesäit d'Gesetz och vir, dass bei engem Fräisproch den Accès op maximal sechs Méint ka limitéiert ginn, et sief dann, et gëtt eng ausdrécklech Decisioun vum Procureur général, déi de Contraire beleet. Och dat war laang e Knackpunkt. Mee ech mengen, mat deene sechs Méint kënnen mir och am Konsens liewen. Well et ass een entweeder schëlleg oder et ass een net schëlleg. A wann een acquittéiert ass, jo da muss den Dossier och fir all Mënsch zou sinn. Dat sinn nun eeben emol elementar Rechtsprinzipien an de Lëtzeburger Staat ass jo och kee Rumeursstaat.

Et gëtt speziell Bestëmmungen bei Jugendstrofdoten. Do ass virgesinn, dass, wann een 18 Joer huet an et huet een eng Strofdot als Mannerjärege begaangen,

dass dat nach dräi Joer kann an de Fichiere sinn. Och dat kënnen mer am Konsens matdroen.

An et gëtt, fënneftens, wat eis ganz wichteg war, e spezielle Contrôle d'accès. Dat heescht: Wien huet zu wat fir engen Zwecker zu wéi engem Zäitpunkt wien seng Donnéeën a fir wat fir e Motiv, deen ee muss ugin, och gekuckt? Och déi Donnéeën vun de sougenannte Logfilë gi während fënnf Joer gehalten, soudass och all Bierger, wann en dat wëllt, d'Recht huet, fir dat kënnen anzeginn.

Dat, wat mer bedauern: Et gi keng speziell Strofmossname virgesinn, wann et zu engem Abus kënnt vun enger net berechtigter Utilisatioun vun deenen Datebanken.

Als Konklusioun, Här President, Dir Damm an Dir Hären: Dës Gesetz, jo, war eng schwéier Gebuert, awer et dréit den elementare Fuerderungen vun der CSV, déi mer viru véier Joer scho gestallt hunn, zumindest zum groussen Deel Rechnung. An domat ginn eng ganz Rei Mängel behuewen.

Mir hunn eis net aschüchtere gelooss. Dat Gesetz ass net perfekt, mee dat Positivt wäert sécherlech iwwerweien. Ech wëll awer och haut soen, dass et meng perséinlech Iwwerzeugung ass, dass dat do net déi final Versioun vun dësem Gesetz wäert sinn. Dir hutt alleguerten d'Avis vum dem Staatsrot gelies. Dir hutt och den Avis vun der Dateschutzkommission gelies. Ech weess net, ob dat Gesetz op alle Bestëmmungen vis-à-vis vun engem Gericht, och vis-à-vis vun eiser Verfassung standhält. Mee dat muss dann eeben d'Justiz oder d'Jurisprudenz eng Kéier erweisen. An näischt ass jo dann ze vill, fir da gegebenefalls op deem Punkt mussen nozebesseren.

Jiddefalls, dat Positivt iwwerweit, an duerfir wäert d'CSV zu dësen zwee Gesetzter hir Zoustëmmung ginn. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Roth. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Pim Knaff. Här Knaff, Dir hutt d'Wuert.

**M. Pim Knaff (DP) |** Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt e ganz grouse Merci un eise Rapporteur vun deenen zwee Projet-de-loien, de Charles Margue, fir seng exzellent Aarbecht.

De Schutz vun de perséinlechen Daten ass net eréischt säit der RGPD-Regulatioun e sensibelt Thema. 1979 gouf et en éischt Dateschutzgesetz zu Lëtzebuerg, 1992 eng éischt méi substanzuell Modifikatioun vum Text, da bekannterweis 2018 d'Dateschutzverordnung RGPD. No der sougenannter Casiersaffär 2019 ass kloer ginn, dass d'Kontroll vun der Honorabilitéit an den allgemenge legalen Encadrement vun den Datebanken eng méi ferm rechtlich Basis misst kréien.

Mat deenen zwee Projeten, iwwert déi mir haut hei ofstëmmen, gëtt den Traitement vun de perséinlechen Donnéeën duerch déi juristesche Autoritéiten am Kader vun der JU-CHA, der Chaîne pénale an der Justiz, besser, méi kloer a méi transparent encadréiert, dës, fir d'Dossiere vum éischten Acte de procédure u bis hin zu der definitiver Decisioun effikass an novollzéibar ze geréieren.

D'Autorité de contrôle judiciaire hat et och gesot: Et handelt sech hei ëm eng Ingerence an d'Recht vun enger Persoun op de Respekt vun hirem Privatleben an de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën. Doweinst brauch et e kloert Gesetz, dat dës Amëschung kloer reegelt, dat d'Konditiounen an d'Modalitéite

vum Traitement vun den Donnéeë prezisiéiert an eng Konformitéit mam legale Kader garantéiert.

Mir müssen hei zwou Säite conciliéieren: Eemol de juristeschen Autoritéiten déi néideg Moyenen zur Verfügung stellen, fir dass si hirer Aarbecht rechtméisseg an ausféierlech kennen nogoen, a gläichzäiteg awer och d'Privatliewe vun de Leit esou vill wéi méiglech respektéieren.

D'Proportionalitéit vun der Ingerence muss zu all Moment duerch hiren definitiven Zweck justifiéiert sinn. Dofir ass och ee vun deene wichtigste Punkten aus dësem Projet de Prinzip vum der Finalitéit. Informatiounen, déi gesammelt ginn, müssen aus bestëmmte Grënn a fir e bestëmmten Zweck gesammelt ginn. An et ass och wichteg, dass dësen neien Text dës Finalitéiten am Traitement vun den Donnéeë kloer definéiert.

Nëmmen esou ass et och fir d'Leit méi einfach nozevollzéien, ënner wéi enge Konditiounen an aus wat fir Grënn Informatiounen an Daten iwwer si duerch d'Autoritéite gesammelt an traitéiert ginn. Well och d'Leit hu Rechter: e Recht ze wëssen, wat fir Informatiounen iwwer si existéieren, e Recht, Accès op hir eegen Donnéeën ze kréien, dës Informatiounen, de Fall gesat, ze korrigéieren a potenziell och, se sträichen ze loosse, jee nodeem, ëm wat fir e Fall et sech handelt.

Grad bei der Kontroll vun der Honorabilitéit ass dat aktuell Gesetz jo e Stéckwäit onkloer, a genee do-wéinst ass et wichteg, dass et elo en Text gëtt, deen de Leit hëllef, sech ze orientéieren, wéini an ënner wat fir enge Konditiounen hir Detailer am Kader vun enger strofrechtlecher Prozedur därfe gesammelt ginn.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, en anere Punkt an dësem Projet de loi ass immens wichteg, nämlech d'Konditiounen, déi den Accès op gewëssen Informatiounen reglementéieren. Dat war ënner anerem eng grouss Fro, déi 2019 dësen Debat lancéiert huet, a geet och nach emol zrëck op d'Fro vun der Finalitéit. Wien huet Accès? An zu wat fir engem Zweck?

Mir begrëssen als DP, dass mat dësem Text de Prinzip vun der „need to know, need to do“-Basis kloer am Gesetz verankert ass. Et kann net sinn, dass duerch e globalen Accès fir ganz Ekippen eenzel Persounen a Mataarbechter Donnéeën an Informatiounen kennen nosichen, déi u sech duerch hir eigentlech Aarbecht kee Besoin hunn, an datt se Abléck op dës Informatiounen kréien.

Et handelt sech hei ëm vertraulech Akten a privat Informatiounen, déi nëmme mat deene Leit solle gedeelt ginn, déi op deem Dossier schaffen an déi fir hir Aarbecht an den Traitement vum jeeweilegen Dossier dës Donnéeë brauchen.

Änlech ass et dann och bei der Fro vun der Honorabilitéit. Et ass d'Responsabilitéit vun de staatleche Verwaltungen, ze appreciéieren, ob de Comportement vun enger Persoun deene Kritiken entsprécht, déi et zouloossen, dës Persoun eng Autorisatioun ausstellen an esou Zougang zu bestëmmten Informatiounen ze erlaben.

Mee souguer wann eng Persoun Accès op gewëssen Dossier huet, da komme mer nach eng Kéier zrëck op d'Finalitéit. Souguer dann ass et net Sënn an Zweck vun der Saach, fir dës Informatiounen ouni valabele Grond einfach esou ze consultéieren. All Consultatioun vun engem Fichier muss motivéiert sinn. Dat heescht, och hei brauch een e Motiv, wisou eng bestëmmten Informatioun erausgesicht gouf.

Et ass och gutt, dass dës Motiver an engem Block enregistriert an iwwer gewëssen Delaie gespäichert

ginn. Esou kënnen Recherchen nach iwwer länger Zäit retracéiert an Abuse vermidde ginn.

De Parquet général hat zu dësem Punkt d'Remark gemaach, dass een aktuell bei 26.000 Logs pro Dag géif leien. Et misst een hei oppassen, net iwwert d'Zil erauszeschëssen an dem Fortschritt vun der Digitaliséierung an der Justiz am Wee ze stoen. Dat kéint een awer, an ech mengen, et muss een dat och iwwert déi nächst Joren am Bléck behalen, well, ech mengen, dat Wichtigst ass nach ëmmer d'Zweckméissegkeet vun de Recherchen. Déi muss egal wéi assuréiert bleiwen. Mee datt een d'Gesetz vläicht nach eng Kéier op de Leescht hält, ass och net auszuschléissen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi definéiert och d'Delaen, wéi laang eng Persoun d'Autorisatioun huet, op en Dossier zréckzegräifen. Diesbezüglich hat et och an der Justizkommissioun a scho virum Depot vun dësem initiale Gesetz vill Gespréicher an Explikatiounen ginn, eemol, well an der Zäit d'Délais de conservation net ëmmer d'selwecht agehale gi sinn an dës Aufgab deels dem Responsable de traitement zougefall ass, deels gouf et awer och Diskussiounen wéinst dem Droit de la défense an der Onscholdsvermuddung, déi duerch d'Fichieren net därfe impaktéiert ginn.

Fir e Beispill ze nennen: Et ka beispillsweis net sinn, dass Persounen, déi acquittéiert goufen, trotzdem nach Joren duerno eng Aschreiwung am System hunn. Gläichzäiteg huet sech d'Fro gestallt: Wéi ass et bei Fäll vun der Recidive? De Parquet général huet och opgeworf, dass d'Delaen och musse Rücksicht huelen op Enquêtes a Kooperatiounen mam Ausland. Bei Enquête vun auslänneschen Ekippen hätt ee keen Afloss, wéi laang dës géifen daueren. Et sollt een also oppassen, sech do keng Problemer ze schafen, an eventuell méi kohärent Delaie virgesinn.

Weider hate sech och Froen gestallt zu beispillsweis dem Classement sans suite, den Non-lieux, de Reputatiounen et cetera.

Mir si frou, dass mir mat dësem Text elo eng gutt Basis hunn, déi dës Fäll an Zukunft besser a méi kloer definéiert. Grad bei der Fro vun der Honorabilitéit ass nämlech wichteg, dass keng Persoun duerch eng Aschreiwung an engem Fichier en negativen Impakt an hirem Privatlewen erlieft. Duerch méi transparent Modalitéiten a Konditiounen bidden dës Texter e kloer legale Kader, deen de Leit dobaussen et an Zukunft wäert méi einfach maachen, fir kennen nozevollzéien, wat fir Detailer iwwer si am Kader vun der Honorabilitéit kontrolléiert ginn a wéi dës Informatiounen gesammelt, traitéiert a gespäichert ginn.

Domat gëtt et eng gréisser Rechtssécherheet, déi mir nëmme kënnen begrëssen. D'DP-Fraktioun ass mat dësen zwee Projeten averstanen. An an deem Sënn ginn ech den Accord vu menger Fraktioun.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Knaff. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Ministesch, virop wéilt ech dem Här Margue Merci soe fir seng zwee ganz gutt an ausféierlech mëndlech an och schrëftlech Rapporten. Jo, ech mengen, mir kennen eis allegueren heibannen drun erënnere, an dat ass och virun, mengen ech, nach eng Kéier kloer gestallt ginn, wéi et effektiv zu dësen zwee Gesetzter komm ass, virun allem awer zu dem 7882A, am Kader vun där gréisserer Affär, déi entstanen ass am Summer 2019 am Kader vum Rekrutement vun

engem Bibliothécaire-référendaire, deen, jo, mat Dokumenter confrontéiert gouf, am Kader vun enger joerzengtenaler Affär juristesche Antecedanten hat, awer näischt am Casier stoen hat. An en plus ass seng Kandidatur schlussendlech net zréckbehalen ginn, nach mat der Evokatioun vun anere Grënn.

Mir wëssen allegueren heibannen, an do gëtt et e kloert Gesetz, e Casier judiciaire gëtt jo erwisenermoossen ugeluecht, wann ee rechtskräftig verurteilt ginn ass. Bei dësem Fall ass et awer ëm Dossier an Informatiounen gaangen, déi vun der Justiz an der Police gehale gi sinn, ouni dass den Exigence vun der Protection des données ganz nokomm ginn ass an ouni dass och eng konkret Uklo do war. Et gouf also persounbezunn Donnéeën, ëm déi et gaangen ass an déi nieft dem Casier judiciaire, deen eng legal Basis huet, existéiert hunn an op déi am Fong keen, ausser e puer Leit, Accès hat. An dofir, mengen ech, ass dann och déi ganz Diskussioun opkomm ronderëm de „Casier bis“.

Ech mengen, wat ganz wichteg ass bei dësem Gesetz: D'Limitatioun vun der Finalitéiten, fir déi déi eenzel Donnéeën traitéiert ginn, gëtt prezis festgehalen. D'Onprezisioun vun enger Finalitéit war nämlech ee vun deene grouss Kritikpunkten, déi mer och an alle Kommissiounssätzungen an eiser parlamentarescher Aarbecht och ëmmer an de Vierdergrond gesat hunn, a virun allem déi national Kommissioun fir den Dateschutz huet och d'Onprezisiounen, wat d'Feele vun de Finalitéiten vum Sammele vun Donnéeën ugeet, opgeworf, an dat och mat Recht, an och Necessitéit, déi muss definéiert ginn.

Et ass aktuell esou, dass jo dat nationaalt Gesetz, RGD vum 2018, an engem vu sengen Article virgesäit, datt d'Donnéeën müssen en vue vun enger virusbestëmmter, explizitter a legitimer Finalitéit oder Finalitéite gesammelt ginn. Dëst war net am initialen Text de Fall. Elo gëtt, mengen ech, dësen Dateschutzprinzip direkt am éischten Artikel vun dësem Gesetz respektéiert, well d'Zil vun de JU-CHA-Applikatiounen kloer definéiert gëtt an och d'Justizautoritéiten deem an hire Missiounen op verschiddenen Niveaun deementspreechend kennen nokommen, wat net onweesentlech ass am Kader vun hirer Aarbecht.

A mir sinn eis allegueren och heibannen eens, dass d'Gerichter wéi awer och d'Police, well och si si Bestanddeel vun Diskussiounen dës Woch, hir Aarbecht solle kennen effikass ausüben. De legale Kader fir de JU-CHA ass just ee vu ville Beispiller, wou Sécherheet geschaf muss ginn an déi och den Autoritéiten déi néideg Basis schafen an awer och dem Bierger den néidege Schutz garantéieren.

Nach e Wuert zu der Finalitéit, zu de Finalitéiten. An där ganzer Diskussioun, déi mer haten, war och ee Moment d'Diskussioun opkomm, an dat war unhand vun engem Avis vum Staatsrot, dass de Service communication et presse, deen am initialen Text och sollt kennen Accès hunn zu de JU-CHA-Fichieren, d'Proportionalitéit net respektéiert, soudass am Fong fir si effektiv keen Accès méi néideg an och wichteg wier; grad si, mengen ech, déi och am alldeegleche Kontakt mat der Press sinn.

An ech mengen, dass mer och hei e gudden Kompromëss fonnt hunn iwwert d'Amendement, dass och deen dote Service vun der Justiz an och, mengen ech, déi ganz Kommunikatiounsarbecht vun der Justiz mat der Press och Accès kann hunn an deene verschiddene Modüller, déi virgesi sinn – an de Reporter ass op déi verschidde Modüller agaangen –, an hei, mengen ech, och op de Module dossiers répressifs an Entraide pénale, mengen ech, kann

Accès hunn an och do d'Finalitéit an d'Necessitéit och ganz kloer deementspriechend gekläert, also och weider ka gewährleescht ginn. Ech mengen, dass dat e gudder rasonabele Kompromäss deementspriechend ass, och am Kader vum Secret professionnel, deen natierlech hei och deementspriechend anzehalen ass.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Op dëser Plaz kann een am Fong scho ganz kloer zwëscheschleissen, dass den Text, dee mer virleien hunn, immens vill Kompromässer tèscht dem Schutz an dem Respekt vu géigeniwwerstoende Rechter mécht – also weeder déi eng nach déi aner verletzt, mee se alleguerten, souwäit et geet, respektéiert, ouni awer och ze vill anzëschränken, an awer anzëschränken. An ech mengen, et ass eng Balance, déi hei verbruecht ginn ass.

Am Allgemenge kann een och soen, dass d'Rechter op Schutz vun de perséinlechen Donnéeën, och vun de private Leit, verstärkt ginn. An déi Balance, mengen ech, tèscht dem effikasse Schaffe vun dem Justizapparat geet am Fong net verluer. Au contraire, si gëtt duerch déi nei Dispositionen am Gesetz och koordinéiert. Et gëtt dorop opgepasst, dass d'Amëschen an de Schutz vum Privatlewen a vun de privaten Informatiounen nach weider konform sinn zu den internationale Konventionen wéi déi europäesch Mënscherechtskonvention an der nationaler Gesetzeslag – déi effektiv an eiser Verfassung an och vum Gesetz vun 2018 iwwert den RGD.

Et ass also séchergestallt, dass engersäits d'Justiz weider gutt funktionéiere kann a kloeren Accès op d'Donnéeën huet, an dat och definéiert gëtt, an zäitgläich och d'Rechter vun de Bierger garantéiert bleiwen. An dofir sinn och déi verschidde Modüller an d'Definition vum deene verschidde Modüller, mengen ech, hei ganz wichteg. Do, mengen ech, wat och den Accès an d'Finalitéit deementspriechend ugeet, dass och den Niveau vun der Proportionalitéit a vun der Necessitéit net iwwert d'Zil weider erausgeschoss gëtt. Well éischters soll een net géint d'legal Prinzipie vum Dateschutz verstoussen, an zweetens soll een och de Risk virun Abusen effektiv net, wéi gesot, andämmen (veuillez lire: an zweetens soll een och de Risk virun Abusen effektiv, wéi gesot, andämmen), soudass och do net weider Verletzungen stattfannen.

An ech mengen, wat den Haaptpunkt och an dësem Gesetz ass, am Kloertext: Net jiddwereen huet Accès op all Donnéeën, mee just verschidde Leit op verschiddenen Donnéeën – zu verschidde kloer definéierten Zwecker. Ech mengen, dass dat och de Kärmessage ass vun dësem JU-CHA-Gesetz.

Wat, mengen ech, awer och wichteg war, dat ass, dass de Lien gemaach gëtt tèscht dem JU-CHA-Gesetz an dem Zentralfichier vun der Police – do wäerte mer muer driwwer diskutéieren –, well och dat huet dee Moment net bestanen. An ech mengen, an dësem Kontext ginn och elo d'gerichtlich Decisiounen effektiv an d'Policefichierer iwwerdroen, fir dass och och d'Police an hire Fichierer de Vermierk huet, dass fir déi betraffe Persoun eng Decisioun geholl gouf, déi rechtskräfft ass, egal wéi enger Natur se och deementspriechend ass. An effektiv kënnt déi dann och an de passiven Deel, mengen ech, da vum Fichier.

Och hei e kloer Mechanismus, deen och geschafe gëtt, souwéi och, mengen ech, kloer definéiert ass, wien dann och weider Accès do drop huet. Mee ech mengen, dat ass och eng Diskussioun, déi mer muer wäerten hunn. Där wëll ech net hei virgräifen.

Op alle Fall: D'Limitation vum Zougang fir nëmme verschidde Kategorië vu Persounen a Fonctiounen

an der Magistratur gëllt also och zu der Ofsécherung an der Kontroll, wien alles Accès drop huet. Am Kader vun dëse sensibelen Donnéeën ass et also ganz wichteg ze wëssen, mengen ech, wien et kucke kann. An och an deem Kader ass eng Ofsécherung ganz gutt, mee Kontroll ass besser.

Dofir ass et och wichteg, dass an dësem Gesetz der Generalstaatsanwaltschaft ..., mee och de reegelméisseg Contrôle, fir d'Zougangsrechter kënnen auszeüben an och ze kontrolléieren, awer och d'Journalisation, déi stattfënn fir déi Benotzer vun der Applikation mat den Donnéeën, déi se och gemaach hunn, d'Date vun de Benotzer, déi gespäichert ginn, souwéi och hir Identitéit, an d'Zäit vun der Consultation vun den Informatiounen – dat iwwert déi verschidde Logfiles.

Also eng zousätzlech complémentaire Ofsécherung. Eng Kontroll, déi zu enger besserer Sécherheet féiert, wat virun dësem Gesetz also net existéiert huet, a wat, mengen ech, awer och d'Rechtsstaatlechkeet hei nach eng Kéier kloer ënnersträicht, wéi awer och d'Rechter wéi de Schutz vun der Privatsphär an och dem Privatlewen.

An och dat gëtt am Volet vun der Honorabilitéit, mengen ech, mat deem anere Gesetz, iwwert dat wat mer hei befannen, deementspriechend festgehalten. Och wann den Text net direkt de Lien huet mam JU-CHA, sou hu se awer eng ganz Rei Gemeinsamkeiten, well och hei d'Zusammenspiel ass. An d'Gemeinsamkeet ass och erëm hei d'Finalitéit vum Consultéiere vun den Donnéeën, fir déi Honorabilitéitskontroll ze maache vu verschidde Beruffer, déi och an dësem Gesetz opgelëscht sinn.

De Rapporteur ass op d'Officiers publics agaangen, awer och anerer. Och effektiv d'Sécherheetsagenten – en anere Berufsstand. Och hei si sensibel Donnéeën, déi mussen opgeruff ginn, fir effektiv e Contrôle vun enger gewëssener Moralitéit kënnen ze maachen, fir de Beruff och kënnen deementspriechend auszeüben.

Ech mengen, wat fir eis als LSAP wichteg ass, dat ass, dass mat béide Gesetzter hei ganz kloer de Contrôle vun de perséinlechen Donnéeën effektiv och gestärkt gëtt: wien Accès huet, zu wéi engen Zwecker, wéini, mengen ech, och iwwert dee Volet, dass och kann nogekuckt ginn, wéi gesot, wien Accès hat. Dass de Schutz vun onerlaabtem Zougang och deementspriechend nach eng Kéier erhéicht gëtt.

An dofir ginn ech och vun dëser Plaz aus den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. Et ass scho ganz vill gesot ginn. Ech wëll also net onbedéngt elo all d'Meritte vun dësem Gesetz widderhuelen. Et ass gutt, dass et esou e Gesetz gëtt! Ech mengen, et ass ganz kloer: Dat muss gereegelt sinn.

An ech wëll vläicht opgräifen, wat d'Kolleege vun der CSV virdru gesot hunn: Gliesene Staat – si se dergéint; gliesene Bierger – si se dergéint. Mir sinn och géint de gliesene Bierger. Mir hätten awer gär als ADR, dass de Staat seng Aufgaben, inklusiv am Sécherheetsberäich, ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mir sinn net géint de gliesene Staat. Mir si fir de gliesene Staat a géint ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | A fir de gliesene Staat? Pardon. Jo, Dir hat gesot „fir de gliesene Staat

a géint de gliesene Bierger“. Richtig, Här Roth. Merci. An ech wollt Iech soen: Mir sinn och géint de gliesene Bierger. Awer wat de Staat ugeet, hätte mer gär, dass e seng Funktiounen effikass am Dëngscht vum Bierger kann ausüben. Dat heescht, dass en net onbedéngt ëmmer an allem absolut transparent ass. Dir kënnt Iech jo virstellen, dass zum Beispill an der Polizeiarbecht oder och an der Justiz do natierlech Grenze gesat ginn.

Dir hat e Beispill genannt, an dat ass effektiv eent, dat eis alleguer interpelléiert huet. Dat war dat Beispill vun deem, deen als Student zu Stroossbuerg ze séier ënnerwe war, wou dat ëm herno sollt opposéiert ginn. Dat war effektiv en extreemt Beispill.

An ech mengen, mir sinn eis alleguer eens, inklusiv bei der Justiz a bei der Police, dass esou Saachen definitiv ze wäit ginn. Dofir ass eng Reform och sënnvoll gewiescht. Eng Reform ass wichteg. Mee et dierf een awer och, wann een dat mécht, net vun engem Extreem an dat anert falen. Dat heescht, et muss scho sinn, dass och de Staat kann eng Kontroll hunn, dass en e Wëssen huet, dat et kann eventuell erlaben, kriminellen Aktiounen oder Geforesituatiounen virze-gräifen, dat ze prevenéieren.

Also, et ass schonn esou, dass een och vläicht heiansdo Saache muss wëssen, déi méi laang an der Vergaangenheet zréckleien. Wa mer deene Kolleege aus Justiz a Police nolauschten, déi eis vun deenen Dossiere geschwat hunn, dann ass et jo och dacks esou, dass en Element an engem Dossier ass, dat am Ufank net interessant schéngt an dat herno vläicht an engem anere Fall op eemol ganz wichteg ass.

Dofir dierf de Staat sech och net blann maachen. E muss kënnen e Gedächtnis hunn. An et ass jo och net esou, dass mer nëmme iwwer Verurteelunge schwätzen. Mee et kann absolut sinn, dass eppes ka relevant sinn, mee dass am Kader vun enger Opportunité des poursuites de Parquet awer elo decidéiert huet, elo kee Prozess unzefänken, mee dass awer relevant Informatiounen an Dossiere sinn, wou et vläicht net verantwortungsvoll ass, déi opzeginn.

Et ass also, wéi och d'Virriedner et alleguer gesot hunn, eng Saach vum Gläichgewicht, dat ee muss fannen: engersäits d'Obligation vum Staat, fir d'Bierger ze schützen, fir déi ëffentlech Sécherheet absolut ze garantéieren, souwäit dat eebe geet, an op där anerer Säit de Respekt virun der Privatsphär an och natierlech de Respekt vun deene legalen Obligationen – zum Beispill am RGD, awer net nëmme do.

Dat ass also den Dilemma, virun deem mer stinn, oder déi Wiel, virun där mer stinn. An dann ass et do, fir de richtige Wee ze fannen.

Elo ass et awer esou, an dat ass eigentlech dat Gläichgewicht: Dat ass och ëmmer eng politesch Appreciation. Wa mer elo kucken: Dossieren, déi mer an deene leschte Joren haten – ech denken do un d'Archivgesetz –, do ass zum Beispill éischer géint de Schutz vun de perséinleche Rechter decidéiert gi fir eenzel Kategorië vu Persounen. Do ass da mat Transparenz argumentéiert ginn an dem Intérêt public fir d'Transparenz. Hei ass et e bëssen an déi aner Richtung. Dat just fir ze soen, dass dat och ëmmer e bëssen eng Saach vu politesche Prioritéiten ass, wéi een den Akzent setzt an deene verschidde Dossieren, déi den Dateschutz an de Schutz vun der Privatsphär concernéieren.

Elo hu mer also hei eppes Sécherheetsrelevantes. Mee et ass jo net esou, dass mer da géifen am eidele Raum diskutéieren. Mee ech mengen, mir sinn eis awer zimmlech eens heibannen, vläicht net bei jidderengem, dass mer confrontéiert sinn als Staat

mat enger wierklech grousser – fir Lëtzebuenger Verhältnissen op jidde Fall – Croissance vun der Kriminalitéit hei am Land. Ech mengen, dat ass wäitgeend – also, ech wëll net soen, dat jiddereen där Meenung ass – awer onbestritten.

An dat bréngt eis natierlech och derzou, fir eis besonnesch mat Däitlechkeet ze froen: Si mer dann outilléiert, fir dogéint virzegoen? Kënne mer deene Forme vu Kriminalitéit effikass entgéintriede mat deene Reegelen, déi mer beim JU-CHA, beim Polizeifichier, hunn?

Ech wëilt do just erënneren: Mir haten als ADR eng Reunion gefrot – iwwregens hu mer nach eng zweet gefrot, déi ass nach ëmmer net komm – iwwert déi Jugendbanden. E Phänomeen, dee relativ nei ass hei am Land. A mir haten do dee Phänomeen vun „happy slapping“ a mir haten hei Verrieder vu Police a Justiz. Ech mengen, d'Madamm Minister war och deemools bei där Reunion derbäi. A mir kruten dann erkläert, wou do praktesch d'Problemer sinn, well och deemools verschidden Unitéite vun der Polizei, déi mat enger Saach confrontéiert sinn, net den Zougrëff hunn op aner Datebanken, wou Elementer dralen, déi awer wichteg wäeren, fir kënne d'Appreciatioun vun enger Situatioun ze maachen, fir déi néideg Moossnamen ze huelen.

Mir hunn eng Kompartimentéierung, déi der Opklärung vun enger Situatioun ka schueden an d'Geforesituatioun net reduzéiert, mee au contraire verhënnert, dat mer kënne als Staat dat maachen oder net. Dat illustriert, wéi wichteg et ass, eng verantwortungsvoll Gestéierung vun den Datebanke kënne ze maachen, also de Schutz vun der Privatsphär, awer d'Effikassitéit vun den Organer vum Staat net a Fro ze stellen. Dofir ass eis Demarche déi fir nozelauscheren: Wat seet dann d'Justiz iwwert déi Reformen, déi hei ageféiert ginn? Sinn déi dann zefridden dermat?

An déi Avisen, déi hei kommen, déi weisen all an eng aner Richtung. Ech wëll déi elo net all virlesen, mee mir hunn der esou vill kritt vun de Parqueten, Dikrech, Parquet général an esou weider an esou virun, wou Punkt fir Punkt Kritik formuliert ginn, an et ass dat, wat eis interpelléiert, wou mer soen: Jo, mir hätten och gär eng gesetzlech Reegelung, jo, mir géife gär d'Privatsphär vun de Leit protegéieren, selbstverständlech! Awer aleng, an dat seet och de Parquet, dat dat esou limitéiert ass, fir absolutt ze limitéieren, wéi den Zougang zu den Dossieren ass, d'Zuel vun de Persounen absolutt ze limitéieren, dat ass genau dat, wat mer an der Praxis jo gesinn hate beim „happy slapping“, wat der staatlecher Effikassitéit am Interessé vum Déngscht vum Bierger jo schued, wat se behënnert! „An och dat“, seet de Parquet, „hu mer hei.“ De Parquet seet och – dat hat e Virriedner gesot –, dat et zu enger terribeler Bürokratiséierung féiert, wann all eenzel Consultatioun muss justifiéiert ginn – a mir hunn der 26.000 am Dag!

An dann ass natierlech ..., da gëtt hei zu Recht gesot, dat wär e „sérieux frein à la digitalisation de la justice“. Ech mengen, dat muss ee sech einfach och dann emol zu Häerz huelen. Da gëtt gesot, mat deenen neie Reegele kéinte jo net all Donnée virugi ginn, déi awer vläicht relevant sinn. Zum Beispill däerfen „exclusion des atteintes contre les personnes“ consideréiert ginn, awer net „autres infractions prévues par les lois pénales“, géint Saachen zum Beispill, déi jo awer och kënne ganz wichteg Elementer sinn, wann et drëm geet, en Dossier ze appreciieren.

A bei der Honorabilitéit, dem zweete Gesetz, ass d'Logik eng ganz änlech. Och do gesi mer Widerspréch

an der Attitud vum Staat. Mir haten Diskussiounen. Dat Gesetz ass elo nach net komm iwwert d'Autorité nationale de sécurité, déi soll kommen. Dat gëtt am Abléck vum SREL gemaach, wéi wa Clearancen ..., fir also am Beräich vun der nationaler Sécherheet déi néideg Informatiounen kënne ze hunn, fir ze determinéieren, ob eng Persoun, déi soll a Kontakt mat Geheimmateriel kommen, all Krittären erfëllt, fir déi national Sécherheet net a Gefor ze bréngen. Do gëtt alles gemaach vun der Sait vun der Regierung, fir eigentlech den Zougang op d'Fichiere vun der Autorité nationale de sécurité maximal ze limitéieren, och dat eng reng politesch Appreciatioun.

Mir sinn anerer Meenung an da kënnt et elo bei der Honorabilitéit, wou dann ..., do sinn och änlech Restriktiounen. Hei ginn dann d'Kritik vun de Justizautoritéiten, op déi ech mech haaptsächlech bezieien an dëser Interventioun ..., do gëtt erëm eng Kéier gesot: „Et ass haaptsächlech am Beräich, am Interessé vum Justizministère. Awer Administratiounen kënne manner dervu profitéieren.“ Et gëtt gesot, dat d'Dossiere vun der Police kënne gekuckt ginn. Mee wat ass mat aneren Administratiounen, déi jo och Officiers de police judiciaire hunn a Procès-verballe kënne dresséieren? Dat gëtt dann net gekuckt. De Parquet regrettéiert, dat e keng spontan Matdeelungen iwwer wichteg Saachen awer ka weiderleeden. D'Justice de paix vun Dikrech seet: „Les avis seront à l'avenir lacunaires quant à l'honorabilité de l'intéressé et les administrations seront ainsi [privées] d'une partie des informations dont disposent les organes de poursuite“, an esou weider an esou weider.

De Constat, dee mir also maachen, ass, dat et wuel gutt ass, dat mer e Gesetz hunn, dat et wuel richtig ass, ze probéieren, d'Privatsphär vun de Leit ze protegéieren, mee dat d'Justizautoritéiten, déi zoustänneg Gerichter, déi zoustänneg Parqueten ... A muer schwätze mer och iwwert d'Police, dat ass eng ganz änlech Diskussioun. Et ass u sech déi selwecht Diskussioun nach eng Kéier e bëssen, déi mer haut féieren. Déi weisen d'Lacunen an d'Faillen op an deem, wat mer elo maachen, an eis Suerg ass, dat dat schlussendlech zulaaschte vun der Sécherheet an eiser Gesellschaft geet. An et ass dat, wat mir net wëllen!

Duerfir: Jo, mir begrëssen e Gesetz, awer mir wäerten eis enthalten, well déi Lacunen hei ze vill grouss sinn, fir dat mir et kéinte matdroen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fred Keup (ADR) | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och Iech. An nächsten ageschriwwene Riedner, wann ech dat richtig gesinn, ass de Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen (Piraten) | Merci,** Här President. Ech erspueren Iech elo och nach eng Kéier d'ganz Geschicht vum Fichier. Dat huet eis scho vill Deeg a vill Stonnen an der Kommissioun beschäftegt. Ech erënnere mech nach gutt drun, wéi et waarm war – mer souzen nach deemools am Cercel –, wéi mer déi éischt Propose kritt hunn a mer dann den Dossier auserneegehol hunn. An dat war zimmlech informatesch, déi Fro, déi ech deemools schonn de Justizverrieder gestallt hunn, an et ass eng Problematik, déi awer och haut nach ëmmer aktuell ass.

Jo, mir schafen haut de wichtige Kader fir den Datechutz, well bis elo dee Kader net do war. Et ass verpasst ginn, ze kontrolléieren a kloer ze erfassen, wéi eng perséinlech Daten ... An dat ass et jo: Do sti ganz vill perséinlech Daten dran, an dem JU-CHA souwéi och am Policefichier, an deementspriedend ass et elo wichteg, dass mer endlech e Kader kréien!

Mir wäerten dëse Projet och matstëmmen. Ech kommen awer nach op e Punkt, deen eis stéiert. An ier ech op dee Punkt kommen, ginn ech awer nach op dat anert Thema an, dat ech och an der Kommissioun schonn eng Kéier opgeworf hat an dat eis awer Bauchwéi heiansdo mécht: Dat ass den Zougang, wou ech verstinn, dass een dee muss schafe fir déi extern Firmen, déi déi ganz Logiciellen entwéckelen. Ech weess, dass dee ganz restriktiv ass, mee dat ass awer eigentlech eng Kéier, wou een driwwer muss nodenken, ob de Staat net selwer déi Aufgaben an engem Open Source soll iwwerhuelen, fir dass een dann awer eng gewësse Sécherheet huet.

Mir haten déi Diskussioun jo an der Kommissioun, dass extern Firmen dann den Zougang kréien, fir ... Déi Software muss jo hiergestallt ginn, dat muss jo alles entwéckelt ginn. Herno muss en Entretien gemaach ginn, do kommen Updates an esou weider. Do hu mir e bësse Bauchwéi dermat, dass dat herno Firma sinn, déi dann deen Zougang hunn an dat Ganz entwéckelen. Déi solle jo och do eng Aart Hannerdier hunn, fir da weiderhin den Entretien ze maachen, wat op där enger Sait verständlech ass, mee eis Meenung ass awer dozou: Dat dote si Logiciellen, déi de Staat soll an enger eegener Verwaltung, an engem eegenen Open Source, hierstellen, fir eeben och iwwert d'Joerzénkten ewech herno déi Kompetenz opzebauen an esou herno och net ofhängeg ze si vun anere Firmen.

Ben, do komme mer och op de Logiciel selwer. Herno wäerten déi Fichieren alleguerten opgemaach ginn op engem Computer, deen ënner Windows zum Beispill leeft an net ënnert engem Open Source. Dir musst Iech dat virstellen: Dir maacht do e Fichier op, deen an deem JU-CHA dran ass, an da gëtt deen emol automatesch zum Deel op europäesch-amerikanesch Server geschéckt, zum Beispill, wann Dir e Word-Dokument opmaacht – och hei an der Chamber, dat ass elo net eleng de Reproche dofir, och hei an der Chamber –, da gëtt deen emol direkt verifizéiert vu Microsoft, dass dee weidergeet. Dat ass nämlech e Problem, dass eis Justiz do net genuch op den Open Source setzt, dat heescht, do gi Systemer benotzt, wou aner grouss Firmen, weltwäit Firmen, herno Zougang op déi Dateien hunn, beziéungsweis déi Dateie gi scho beim Opmaache gescannt. Dat ass e Wee, wou ee muss goen. Dat ass elo net eleng de JU-CHA, dat ass d'Police, dat ass de ganze Staat, wou een eng Kéier muss goen, fir sech seng eege Kompetenz opzebauen an deementspriedend net méi ofhängeg ze si vun deene groussen internationale Softwaregiganten.

De gréisste Problem hu mer mat deene Fënnel-Joer-Logfiles. Ech hat gëschter scho gesot, ech wäert et och en Donneschdeg nach eng Kéier soen – just en Donneschdeg kann ech et jo nach ansécht soen, well et ass jo dat, wat déi Inkohärenz ass. Am JU-CHA-Fichier steet herno dran, „genau no fënnel Joer“ géife se geläscht. Bei der Police krute mer nämlech gezielt, dat wär net méiglech. Dat kéint d'Verwaltung technesch an och personell net hëkréien.

De Staatsrot hat do nach en Avis verschéckt virun enger Woch, zwou Wochen, zum Policefichier, wou gefrot ginn ass: Ma, kënnt Der Iech dann net alignéieren op d'Justiz, well da wär et op d'mannst kohärent? Do hu mer awer an der Kommissioun gesot kritt vun der Police: „Nee, et geet nach ëmmer net.“ Ech verstinn nach ëmmer net, wéi en Zauberwürfel op eemol d'Justiz huet, dass déi dat hëkréien. Do, Punkt op den Dag genau, well dat ass dat, wat Dir an d'Gesetz geschriwwen hutt, op den Dag genau, op d'Minutt genau an deene fënnel Joer muss geläscht ginn. Dat ass fir mech nach ëmmer net ze verstoen,

wéi d'Justiz dat op eemol hikritt. Ech hätt alt gehofft, d'Justiz hätt sech do alignéiert op d'Police a se hätten op d'mannst drageschriwwen „au moins cinq ans“, net op ganz genau déi fënnef Joer, op den Dag, op d'Sekonn, op d'Stonn genau.

Jo, mir hätte gäre gehat, dass den „au moins“ dran ass, well an deem Fall ass et esou, dass, soulaang en Dossier besteet ... A mir wëssen: Bei der Justiz kann e méi laang bestoen. Ech weess och, dass ee laut Gesetz nëmme strofbar ass, wann een do en Abus gemaach huet an deene fënnef Joer. Mee dat ass jo net eise Punkt. Eise Punkt ass ganz einfach, dass e Bierger, egal wéi laang et hier ass, ëmmer d'Recht huet ze wëssen: Wie war mäin Dossier kucken?

Vläicht fält et och eréischt no siwen ..., vläicht fält et och elo no fënnef Joer an zwee Deeg op, dann ass de Fichier gelöscht; vläicht fält et och no 7, 10 oder 15 Joer op – an dat ass fir eis e Problem, dee mir allgemeng hu mat de Fichieren, mat der Approche vun der Regierung, fir einfach ze soen: „Mir maachen de Minimum am Dateschutz a mir ginn net hin a mir halen déi Logfiles, wou een herno ka kucken, wie wat wéini kucke war.“ Well et ass jo dat eigentlech dem Bierger säi Recht! De Bierger wëll jo wëssen: Wie war eppes kucken? De Bierger huet jo a sech emol net de Problem d'ermat, dass op engem Server eppes stockéiert ass iwwert hien, iwwert seng Justiz, iwwert d'Police, mee säi Problem ass: Wie geet et kucken?

Wann et jo do läit a keen huet et ugepaakt, ass et jo guer kee Problem. Mee de Problem ass, wann een herno net kann novollzéien, wien dat kucke war, an do hutt Der leider d'Limitt op fënnef Joer gesat. Mir stëmmen et zwar haut mat, mee mat der Hoffnung, dass déi nächst Regierung am Dateschutz do wäert méi Courage hunn. Well et muss ee jo och ganz éierlech sinn a soen: Wa mer dat Ganzt elo digitaliséieren, ass de Schutz vill méi grouss, wéi wann iergendeen den Dossier a sengem Büro leien huet do um Stapel, an e war vläicht eng Taass Kaffi drénken an en huet de Büro net zougemaach. Dat heiten ass schonn eng Léisung, déi een huet, dass ee ka soen: „Jo, mir hunn déi Logfiles leider nëmme fënnef Joer, mee dat wäert déi nächst Regierung jo dann hoffentlech besser maachen.“

Zu der Honorabilitéit, do wäerte mer och eisen Accord ginn. Deen ass jo e bësse par rapport zu dem JU-CHA, an deementspreechend kann ech fir déi zwee Projeten eisen Accord ginn. Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Domat ass d'allgemeng ... A, den ...

*(Interruption par M. Roy Reding)*

A, ok. Ech hunn Iech hei net. Ok, majo, da kritt Dir selbstverständlech d'Wuert. D'Wuert huet den Här Reding.

**M. Roy Reding** (Liberté Chérie) | Merci, Här President. Jo, ech muss dem Charles Margue felicitéiere fir e gudden Rapport natierlech, mee virun allem och fir eng ganz elegant Aart a Weis, d'Virgeschicht op d'Säit ze drécken. An ech muss dem Gilles Roth Merci soen, datt en eis drun erënnert huet, wéi et dozou komm ass. En huet vläicht ganz e bësse ze vill de Meritt op sech selwer an den honorabele Laurent Mosar gezunn. Et gouf och nach aner Deputéiert, dorënner och ech selwer, déi Question-parlementairen zu deem Thema gestallt an e bësse Aktivist gespillt hunn.

*(Hilarité)*

Wat mer hei kréien, ass ganz gutt. Et ass eng Base légale, endlech, fir deen dote Fichier. Et ass och villes ganz gutt gereegelt. Ech wëll just vun deem schwätzen, wat net gereegelt ass a mengen Aen. Ech weess et net, ech iere mech vläicht, dann ass dat eng Fro un

d'Ministesch: Wéini a wéi huet de Bierger d'Méiglechkeet, Zougang ze hunn zu den Donnéeën, déi iwwert hie gespäichert ginn? Et ass dat, wat de Gaston Vogel an engem vu senger Bréiwer zu deem Thema geschriwwen huet: „Ces fichiers nous concernent et aucun de nous citoyens n'y a accès. C'est le comble du comble.“

Ech wëll also wëssen: Kann ech gewuer ginn, op einfach Demande hin, wat iwwer mech gespäichert ass als Bierger? An da ganz wichteg: Mir hunn elo déi Logfiles do, Artikel 10 (1): Wien huet dat gekuckt? Firwat huet en et gekuckt? Dans quel but huet en et gekuckt? Ma dat wëll ech och wëssen als Bierger. Ech wëll als Bierger wëssen: Wien hat Zougang zu mengen Daten? Wéini? An aus wat fir engem Grond? Mat wat fir enger Finalitéit? Wann ech dat ka kréien, da begrëissen ech den Text hei 100%eg. Wann ech dat net ka kréien, dann ass et en Text ..., e Schwäert ouni Schäerf!

D'autant plus: Wou bei den Infraktiounen ..., wann dann elo ee kuckt, deen net däerf kucken, oder e kuckt eppes, wat en net däerf kucken, oder e kuckt an engem ganz anere But wéi deen, fir deen en däerf kucken – wou ass d'Penalitéit? Mir presentéieren hei all Dag Gesetzer, wou Penalitéite sinn, wa Bierger sech net un d'ëst oder dat halen. Firwat ass hei keng Penalitéit virgesi fir déi Leit, déi Abus bedreien? Dat feelt mer ganz einfach.

An da wollt ech just nach ee Wuert soen zum Text iwwert d'Honorabilitéit, deen ech mat Freed matstëmmen ouni weider Diskussioun, well an der Zäit war dat net gereegelt. An do koum et vir, datt de Procureur général en Avis négatif ginn huet iwwert en Affekot, deen éischte war a sengem Examen, fir Riichter ze ginn, an zwar mat der Motivatioun „défaut de moralité dans la vie privée“. An ech wäert dat nimools vergiessen: Wann net meng Frënn deemools vun der LSAP, Ministeren, sech agesat hätten an den Här Fischbach iwwert den Avis vum Procureur général ewechgeange wier, da wier meng Fra haut nach net Riichterin ..., deemools genannt ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An domat ass elo definitiv den allgemengen Debat ofgeschloss.

An d'Justizministesch, d'Madamm Sam Tanson, huet d'Wuert. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Här President, Dir dammen an Hären Deputéiert, merci emol fir déi ganz sachlech a roueg Diskussioun, déi mer elo de Moien hei haten. Ech ka mech do un aner Momenter erënneren. Et ass awer wichteg – Dir hutt zu e puer de Kontext e bësse rappéléiert –, dass een och vläicht nach eng Kéier de Kontext vun engem Dateschutz-Point-de-vue rappéléiert. Mir haten ... 2015 koum déi nei Dateschutzdirektiv. 2018 ass déi hei an der Chamber dunn ëmgasat ginn an déi ganz Reflexer ronderëm den Dateschutz an deen awer méi protecteurs ëmgang mat de perséinlechen Date vun de Biergerinnen a Bierger ass eppes, wat e Prozess ass, wou vill laangjäreg Habituden hu missen op d'Säit geluecht ginn, soudass fir verschidde Leit a verschidden Administratiounen an och Entreprises an och all Einzelnen dat eppes ass, wou mer de Wee nach mussen dohinner komplett fannen, wou awer säit 2018 extreem vill gemaach ginn ass, soudass et wierklech gutt ass, dass mer an deem heiten Domän, elo d'Justicefichieren, mee och dann d'Policefichieren ..., do hu mer elo nach eng Kéier ..., ganz detailléiert an extensiv Reegelen gi mer eis elo dës Woch. Dat sinn awer elo zwee Domänen.

Et gëtt nach vill aner Beräicher, wou een eigentlech genau dee selwechten Exercice kéint a misst maachen, wann een u sech konsequent wär, wou een awer dann och gesäit – mir waren elo véier Joer amgaangen, fir dat doten ze klären –, dass dat och net evident ass. Dat hei sinn natierlech elo ganz spezifesch Beräicher, wou – an dat ass jo bei ville vun Iech ugeklongen, an et gesäit een och gutt an der Diskussioun an an den Interventiounen – d'Schwierkeete waren, fir hei op deen Equiliber ze kommen tëschent op där enger Säit natierlech dem Schutz vun de Biergerinnen a Bierger, déi a Kontakt komme mat der Justice, an op där anerer Säit awer eppes, wat eis, mengen ech och alleguerten heibannen um Härz läit: déi absolutt Necessitéit, dass d'Justice kann hir Aarbecht maachen an dass se kann op Daten zrëckgräife vu Leit, déi verdächtegt ginn, eng Infractioun begaangen ze hunn, fir kënnen och hir Aarbecht uerdentlech ze maachen.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Et war mer awer och wichteg, nach kuerz iwwert d'Form ze schwätzen, well ech ..., et ass haut elo net méi ugeklongen, mee ech hu verschidde Reaktiounen an der Effentlechkeet héiere vun deem engen an deem aneren, wou gesot ginn ass, hei géif eppes elo nach duerchgebaatscht ginn, an do ass notament deen heiten Text gefall. An ech profitéieren awer vun der Occasioun, fir ze soen, dass ech dat wierklech net kann novollzéien, well ech weess net, ob iwwert iergenden Text, deen heiten an de Policefichiertext, esou vill an der Chamber schonn diskutéiert ginn ass, éier en iwwerhaupt emol deposéiert ginn ass. Dat ass bei deem engen oder aneren ugeklongen.

Mir hu schonn am Hierscht 2020 ugefaangen, an den zwou Chamberskommissionen zesummen iwwert déi grouss Prinzippien ze diskutéieren. Mir hunn all eenzel Fro gekläert mat den Deputéierten zesummen. Mir hu probéiert, Accorden ze fannen, wou jiddwereen, deen da matgeschafft huet a wollt mat-schaffen, sech dru bedeelegt huet. An duerno sinn dann d'Texter deposéiert ginn. An och hei, wann ech elo den Text, de JU-CHA-Text kucken, wou mer och enk mat den Autorités judiciaires zesummegeschafft hunn, déi eng ganz kollaborativ Approche haten, fir hei zu engem Text ze kommen. Dunn hu mer ..., 2021 ass den Text deposéiert ginn. 2022, e Joer duerno, krute mer dunn den Avis vum Staatsrot, dee sech och vill Zäit geholl huet, fir am Detail dat heiten, déi ganz prinzipiell an delikat Froen, ze klären an ze traitéieren.

An ech ka mech och nach erënneren, dass mer an der Justizkommissioun ..., wollt ech virun der Wanterpau 2022 net ufänke mat diskutéieren, well ech der Meinung war, dass et gutt wär, dass mer da kéinten am Januar eng Kommissiounssëtzung no där anerer maachen. Mir haten dunn déi vill Amendementen, déi mer preparéiert haten. No dem Avis vum Staatsrot hu mer du ganz séier an enger Kommissiounssëtzung evakuéiert kritt, wou dunn also och d'Occasioun war a gewiescht wier, fir nach eng Kéier en détail driwwer ze diskutéieren. Du krute mer den Avis vum Staatsrot elo viru Kuerzem erëm. An do hu sech nach am Fong zwee Knackpunkte gestallt. An deen een ass dee vum Service Presse, wou ech frou sinn, dass mer eng Léisung fonnt hunn, fir dass dee Service Presse ka fonctionéieren, dass eis Press kann informéiert ginn iwwert dat, wat um Gericht leeft.

An deen aneren ass deen – an do hunn ech d'Impressioun, verschidder vun Iech hätten d'Suite vun den Diskussiounen net matkritt –: dass mer e Volet ausgeklamert hunn aus dem Text, an zwar eeben dee vun den Informatiounen, déi gi ginn un den Employeur, wann eng Infractioun passéiert, wou d'Autorités

judiciaires, an do sinn Avisen zitèiert gi mat Kriticken, gesot hunn, dass se do géife verschidde Risike gesinn. An duerfir hu mer an der Chamberkommission decidéiert, dass déi Projet-de-loie géife scindéiert ginn.

Dat heescht, et gëtt elo nach en zousätzleche Projet de loi, deen déi dote Froen nach soll klären. Dee muss nach méi am Detail nach eng Kéier diskutéiert ginn. An do hate mer souwisou an engem Avis vum Staatsrot gesot kritt, dat hätt nëmme bedéngt eppes mat der JU-CHA-Problematik ze dinn. An duerfir hu mer dat dunne decidéiert erauszehuelen. Dat heescht, vill vun deem, wat elo dozou gesot gouf, ass guer net méi hei an deem Text mat dran.

Dann ass e puermol ugeklungen, et wiere keng Sanktioun virgesinn. Dat muss ech e bësse redresséieren. An dat rejoignéiert och déi Fro vum Här Reding, och mat dem Accès op Dokumenter. Mir därefen net vergiessen: Mir hunn hei zwee generell Texter, déi eigentlech de Beräich reegelen. An dat war jo déi ganz Diskussioun 2018 iwwert den Dateschutz. Ginn déi Texter duer? Oder brauche mer elo an all Beräich nach eng Kéier eenzel Gesetzer, fir nach eng Kéier dat Ganz ze klären? An do war de Choix getraff ginn – an do gouf et Diskussiounen tëscht der CNPD an och allen aneren Autoritéiten – fir ze soen: Mir brauche keng individuell Texter! An déi Texter, déi reegelen den Droit d'accès vum Bierger, mee si reegelen och d'Sanktiounen, wann een et net respektéiert, den Traitement vun den Donnéeën.

An da kënnt nach derbäi: Am Policefichiergesetz, dat e Freiden, mengen ech, um Ordre du jour steet, do ass jo och nach den Artikel 509-1 vum Code pénal, deen nach eng Kéier ugepasst gëtt, deen och nach eng Kéier Sanktioun virgesäit. Dat heescht, et ass schonn esou, dass hei och Sanktioun virgesi sinn, an et ass och esou, dass den Droit d'accès net an deem Text, mee prinzipiell gereegelt ass an den Texter vum 2018.

VLäicht nach eppes, wat mech awer e bëssen interpelléiert huet, dat ass dee Begrëff vun der „Banannerepublik“, dee virdru gefall ass.

Ech verstinn, deemools waren d'Emotionen wierklech héichgekacht an dat bedauern ech nach haut, mee ech fannen, et soll een awer oppassen, wann een esou Begrëfflechkeeten am Kontext vun den Autorités judiciaires benotzt, well wann ee sech d'Definition vun der „Banannerepublik“ ukuckt, do si mer bei engem korrupte Staat, enger korrupter Politick oder enger korrupter Justice. Ech mengen net, dass mer déi hei hunn. Ech si souguer sécher, dass mer déi net hunn! An et ass net, well et an engem Dossier wierklech héich hiergaangen ass an d'Meenunge wierklech ganz wäit ausernanerlouchen an net jiddwereen d'accord mat deem anere war, dass een et dann awer soll op deen doten Niveau hiewen.

Mir hunn d'Chance zu Lëtzebuerg, dass mer e grousst Vertraue vun de Biergerinnen an de Bierger an eis Justice hunn. Ech wier wierklech frou, wa mer net dat géifen ënnergriewen, andeem mer esou Terminologien benotzen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | An dann nach ee Wuert zu dem Archivgesetz: Och dat muss ech awer e bësse redresséieren. D'Archivgesetz gëtt ganz kloer Reegelen, ab wéini Dokumenter ëffentlech zougänglech sinn, a wéi engem Fall Exceptionne spillen. Et gëtt och do Limitatiounen. Wann Der mat de Fuerscher vun der Uni Lëtzebuerg schwätzt zum Beispill, si se der Meenung, dass déi Limitatiounen ze wäit ginn an dass mer Interêt hätten, dat erforschrauwen. Et gëtt Prozeduren, wann d'Leit, déi concernéiert sinn, nach liewen oder nach net laang dout

sinn. Dat heescht, ech géif dat elo wierklech net eent géint dat anert ausspillen.

Wann d'Geschicht vun engem Land engem wichtig ass, da mussen och d'Archive vun deem Land an d'Zougänglechkeet dovunner an och d'Opschaffen dovunner ... Dat gehéiert och zu engem moderne Staat derzou, an och engem Staat, deem seng Geschichtsrecherche wichteg ass.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Dofir hunn ech do och e Problem, dat esou stoen ze loosse.

Fir de Rescht: Dir sidd wierklech am Detail op déi eenzel Gesetzestexter agaangen. Ech si frou, dass mer déi zwee Dossieren, déi enk liéiert sinn, déi mer elo déi ganz Legislaturperiod an der Aarbecht haten, heimat kënne ofschléissen. Ech soen awer och nach eng Kéier dem Laurent Mosar an dem Gilles Roth Merci fir hiren Asaz an dëser Affär.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

(Hilarité)

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Merci och fir déi konstruktiv Diskussiounen, déi mer an der Chamberkommission heizou haten. Mir waren eis net ëmmer eens, mee mir hu probéiert, am Sënn vun de Biergerinnen a Bierger an am Sënn och vun der Aarbecht vun den Autorités judiciaires hei Léisunge fir jiddwereen ze fannen. An ech wollt dat awer och nach eng Kéier ënnersträichen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Justizministesch. An direkt Parole après ministre fir den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, d'Madamm Minister geet elo fort.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Ech bleiwen hei.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech wollt awer nach eng Kéier drop hiweisen, dass et awer eng aussergewöhnlech Virgoensweis ass, dass hei d'Justizautoritéite sech bei engem Chamberpräsident iwwert d'Opportunitéit vu Question-parlementaire vun Oppositionsdeputéierte beschwéieren. An, Madamm Minister, Dir hutt elo e versönleche Schluss gemaach. Ech schlësse mech deem och un. Mee dass een dat als Oppositionsdeputéierten och véier Joer duerno nach monéiert, dat muss Der eis awer zugestoen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth. An ech ginn d'Wuert zrëck un d'Madamm Justizministesch.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Ech hunn Iech dat jo och zugestanen. Ech hu just gewarnt, wann een dat kann esou soen, viru verschidde Terminologien, déi benotzt gi sinn am Kontext vun engem Pouvoir hei zu Lëtzebuerg, wou ech och der Meenung sinn, dass déi Begrëfflechkeeten net korrekt sinn an dass een einfach muss oppassen, wéi ee se benotzt. Dat ass dat, wat ech gesot hunn. Ech hunn awer och gesot, ech géif verstoen, vu déi extreem Tensiounen, déi et gouf, dass een nach eng Kéier géif e kriteschen, ganz kriteschen, Bléck dorobber werfen. An ech mengen, Dir kënnt Iech och nach all erënneren, wat meng Reaktioun deemools zu där doter Fro war.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Justizministesch. D'Wuert geet nach eng Kéier zrëck un den Här Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Also hei war d'Meenung, dass Är Äusserung, déi Der elo gemaach hutt, gutt war bis zum „just“. Mee mir halen elo domadder op.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

(Hilarité)

**M. Gilles Roth** (CSV) | Den zweete Punkt, wou ech Iech awer nach wollt eng Fro stellen, dee jo net nëmme vu mir eleng, mee och vum Här Reding ugeschwat gouf, dat ass dee mat de Sanktiounen. Dir hutt verwisen op déi generell Sanktiounen, déi an de Gesetzer, mengen ech, vun 2018 sinn. Mee Dir wësst awer och, dass: 2018, do war eng laang Diskussioun. D'Madamm Beissel war, mengen ech, Presidentin vun der Mediekommission deemools, wéi mer dat diskutéiert hunn. Et gëtt eigentlech keng Sanktioun, wann d'staatlech oder d'ëffentlech Servicer sech net un den Dateschutz halen. Et gëtt keng spezifesch penalrechtlech Bestëmmungen. Et gëtt just Sanction-administrativen, déi sinn, wéi se sinn. Wann Dir der anerer hutt, da wier et gutt, wann Der déi hei och géift nennen.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Also éischtens ass et den Artikel 47 vum Gesetz vum 2018, deen zwee Niveaue vu Sanktiounen virgesäit: déi administrativ an och strofrechtlecher. An dann ass et eeben de Policefichiertext, Dir kënnt Iech erënneren, mir haten déi Diskussioun och an der Chamberkommission mam Artikel 509-1. Dee gëtt nach eng Kéier e bësse präziséiert, fir eeben där ganzer Problematik Rechnung ze droen. An deen applizéiert sech op jiddwereen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Justizministesch. Nach eng Kéier ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Verstinn ech Iech richteg, dass de Policefichiertext eng extra Dispositioun virgesäit, mee de JU-CHA-Text gesäit déi net vir?

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Also, et gëtt de Policefichiertext. Ech sinn amgaangen, dat hei an Ärem Rapport vun Ärer Kommission séier nozesichen. Dat ass e modifizéierten Text aus dem Code pénal, deen d'application générale ass. An do hate mer eng Diskussioun deemools an dee war och op Äert Bestriewen hin deemools schonn an de Policefichiertext komm, well de Policefichiertext war wäit virun eiselem Text jo fäerdeg. Do war éischter ugefaange ginn. An dat heescht ..., ech fannen elo den Text net, fir Iech e virzeliesen, mee et ass den Artikel 509-1, well de Policefichiertext, do gesitt Der jo och de Projet de loi an dee leschte Punkt „portant modification du Code pénal“.

An do, wou se un de Code pénal ginn, dat ass eeben den Artikel 509-1 an do kënnt éischtens en Non-automatisé beim Système de traitement bäi, fir eeben och Pabeiersdokumente mat eranzehuelen. An da kënnt en zweeten Alinea derbäi: „Sera puni des mêmes peines, quiconque, disposant d'une autorisation d'accès à tout ou partie d'un système de traitement ou de transmission automatisé ou non-automatisé de données à caractère personnel, y effectue un traitement des données à caractère personnel pour des finalités autres que celles pour lesquelles l'autorisation d'accès a été accordée“. An am Dialog hate mer dat deemools mat erageholl.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Justizministesch Sam Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert déi zwee Projet-de-loien. Fir d'éischt de Projet de loi 7882A. Den Text steet am Document parlementaire 7882A<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7882A et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 54 Jo-Stëmme bei 6 Absten-tiounen ugehall.

**Ont voté oui :** Mme Diane Adehm, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Serge Wilmes), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Cécile Hemmen), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

M. Roy Reding.

**Se sont abstenus :** Mme Nancy Arendt épouse Kemp ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitu-tionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zum Vott iwwert de Projet de loi 7691. Den Text steet am Document parlementaire 7691<sup>16</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7691 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par pro-curation. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 55 Jo-Stëmme bei 5 Absten-tiounen ugehall.

**Ont voté oui :** Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Cécile Hemmen), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

M. Roy Reding.

**Se sont abstenus :** MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitu-tionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## **8. Ordre du jour**

Et gëtt proposéiert, datt mer déi Projet-de-loien, déi Modèle-de-basen, déi fir de Mëtten um Ordre du jour stinn, esou wäit wéi et méiglech ass, de Moien nach evakuéieren.

(Interruptions)

Mir géifen ufänke mam Projet de loi 8015. Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

A wa mer dann nach Zäit hunn, géife mer den 8215 an duerno eventuell de 7959 huelen.

## **9. 8015 – Projet de loi portant modifica-tion :**

### **1<sup>o</sup> du Code pénal ;**

### **2<sup>o</sup> du Code de procédure pénale**

Da kéime mer elo zum Projet de loi 8015, dee gewalttätteg Verhale während Manifestatioune soll ofschrecken an ënnerdrécken. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

### **Rapport de la Commission de la Justice**

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Voilà! Flexibel si mer jo. An am Respekt vu jiddwerengem senger Zäit ...

**Une voix** | A gutt organiséiert!

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | A gutt organiséiert, jo, preparéiert och. Ech muss meng Agraff nach eraushuelen hei, da geet dat. Voilà.

Den 8015, de Gesetzesprojekt 8015, ass am Kontext vun de Manifestatioune géint déi sanitär Mesüre während der Covidkris anzeuerdnen. Well et während dëse Manifestatiounen ëmmer nees zu Aggressiounen an neie Forme vu Gewalt géigeniwwer Policebeamten a géigeniwwer Journaliste komm ass, gouf decidéiert, de Code pénal an de Code de procédure pénale un dës nei Gegebenheeten unzepassen. D'Modifikatiounen er-gänzen den aktuelle legale Kader a sanktionéieren all Form vu Gewalt, déi bei Manifestatiounen ausgeübt gëtt a friddlechen Demonstratiounen am Wee steet.

De Projet 8015 gouf den 31. Mee 2022 vun der Justizministesch Sam Tanson deposéiert, de 26. Mee dëst ..., aviséiert. Den 18. ... – ou, do hunn ech e Joresproblem dobäi –, den 18. Mee war e schonn an der Justizkommissioun als Avant-projet de loi, ier en deposéiert gi war. De Staatsrot huet säin Avis zu den amendéierten Texter de 7. Februar 2023 ginn an an der Kommissiounssitzung vum 28. Juni gouf den Avis analyséiert, de Rapporteur bestëmmt an eng Serie Amendementer ugehall. Den Avis complément-naire koum den 11. Juli. Mir hunn eis den Dag drop dermat befaasst, krute Gréng Luucht vum Staatsrot a konnten de 14. Juli dëse Rapport unhuelen. Zwee Avise krute mer vum Staatsrot, wéi gesot, an nach Avise vum Barreau, vun der CNPD, vun der Cour supé-rieure, vum Parquet général a vum Parquet aus der Stad. An dësen Avise waren eng Rei Suggestiounen. Och deene konnt Rechnung gedroe ginn. Merci dofir!

Et geet ëm Folgendes – fënnf Punkten, déi mer an dëser Reform behandelen –:

Verschäerfung vun de Sanktiounen am Fall vu Rebel-lioun: An den Artikelen 271 bis 272 vum Code pénal setze mer déi maximal Strofen, déi kënne gesprach ginn am Fall vu Rebellioun vun enger eenzelter Persoun ouni Waff erop, fir dass de Richter d'Méiglech-keet huet, e Mandat de dépôt auszeschwätzen. Hei gi mer vu sechs Méint op maximal zwee Joer Prisong erop. Wann et ëm Rebellioun vun enger Persoun mat enger Waff geet, gi mer vun zwee op maximal dräi Joer Prisong erop. Dat selwecht maache mir, wa méi wéi just eng Persoun am Spill ass, an do geet dann och déi maximal Geldstrof vun 2.000 op 5.000 Euro erop.

Mir maachen als zweete Punkt eng Erweiterung vum Champ d'application vum Outrage. D'Definitioun vum Outrage gëtt ausgeweit op notamment d'Werfe mat Steng, Béchsen, Dampgranaten an anere Substanzen, ob se da geféierlech sinn oder net. Wichteg ass do – wat mer deemools jo bemängelt hunn –, dass domat d'Späizen op e Mënsch an Zukunft och als Outrage ze bewäerten ass. Mir waren am Covid ënnerwee!

Dreëtens: D'Aféierung vun engem neien Typ vu Menace d'attentat fir d'effentlech Sécherheet. Am neien Artikel 328 vum Code pénal gëtt den Akt vum Werfe vu Substanzen, ob se a sech geféierlech sinn oder net, mee potenziell geféierlech sinn oder als geféierlech erlieft ginn, ënner Strof gestallt. Well dëst Behuelen eng Menace ass an als Ugrëff op Leit oder Bienen, Propriétéiten, ka charakteriséiert sinn, kann ee mat enger Prisongsstrof vun dräi Méint bis zwee Joer an enger Amende vun 251 bis 3.000 Euro bestrooft ginn.

D'Strofe ginn erhéicht, wann dës Menacé gemaach gi vis-à-vis vun engem Deputéierten, engem Member vun der Regierung, engem Magistrat, vis-à-vis vun all Agent vun der Force publique oder enger effent-lecher Persoun. A mir schléissen och d'Berufsjourna-listen an, esou wéi se am Gesetz definéiert sinn. Hei beläfe sech d'Prisongsstrofen dann op sechs Méint bis dräi Joer an d'Amenden op bis zu 5.000 Euro.

De véierte Punkt ass d'Aféierung vum Phänomeen „Doxing“. Wat ass Doxing? Den Doxing ass de Pheno-meen, wou et drëms geet, perséinlech Daten, also Date vu Persounen, ze divulgéieren mam Hanner-gedanken, deem Mënsch ze schueden, zum Beispill privat Donnéeën wéi de Wunnuert vum Journalist op soziale Medien ze deelen, eng Praxis, déi zu Viola-tiounen vum Privatlewe féiere kann. Fir d'Recht op e Privat- a Familjeliewen am digitalen Zäitalter ze schützen, schafe mer eng nei Infraktioun, à savoir en „délit de mise en danger de la vie d'autrui“, wou d'Diffusioun vun Informatioun iwwert eng Persoun sanktionéiert gëtt. Heimat sinn Informatiounen gemengt, déi d'Identifikatioun oder d'Lokalisatioun vun enger Persoun méiglech maachen an d'Zil hunn, der Persoun selwer oder hirer Famill respektiv hire Bienen ze schueden.

Zwee Elementer mussen also virleien – Dir héiert et eras –, fir dass den Delikt als solche kann zréck-behale ginn: Et muss e materiell Element do sinn, also d'Diffusioun vun Informatiounen, an en absicht-lecht Element, eng Intentioun, wou et drëms geet, feststellen, dass d'Informatioun bewosst diffusé-iert ginn ass, fir engem ze schueden, a wou also en onméttelbare Risiko besteet fir déi physesche oder psychesch Integritéit.

Als Strofe sinn do virgesinn: Prisong vun aacht Deeg bis sechs Méint an/oder eng Amende vun 251 bis 5.000 Euro. Da schafe mer och Circonstances aggra-vantes, bei Berufsjournaliste sinn déi virgesinn, à